**Problem 2 fir déi grouss Hiesercher :**

Eisen Ouschterhues de Mathemetty huet säin Ouschtereeër-Verdeel-Tour bal fäerdeg.
Hie muss nach just zu Blimmchenduerf um Bierg seng Eeër verdeelen.
Zu Blimmchenduerf um Bierg sinn d'Kanner extra fein an eise Mathemetty wëll **sou vill wéi méiglech** Eeër verdeelen. Am Virfeld huet hie sech schonn iwwerluecht wéi vill Eeër hien nach misst am Kuerf hunn, wann hien op Blimmchenduerf um Bierg kënnt.

**Wéi vill Eeër huet hien a sengem Kuerf, wa folgend Virschrëfte gëllen?**

Virschrëften:

- De Mathemetty geet bei A a Blimmchenduerf eran a muss bei B erausgoen.
- Hie muss sou vill wéi méiglech Eeër verdeelen
- Bei all Nascht muss hien d'Unzuel un Ouschtereeër leeën déi uginn ass.
- Wann hien eng zweeten, drëtte Kéier, … beim selwechten Nascht laanscht kënnt muss hien all Kéiers d'Zuel un Eeër an d'Nascht leeën.
- Hien duerf kee Wee zweemol benotzen.

*Plang vu Blimmchenduerf*



Virnumm : Numm : Klass :

Kategorie : ☐ klengen Hieschen ☐ groussen Hieschen ☐ alen Hues